



Stark Elteren – stark Kanner

Lancement vun den Eltereforen: Eng Plaz fir Informatioun, Austausch an Ënnerstëtzung

Den 8. Februar 2023 huet de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op enger Pressekonferenz a Clausen d'Elterefore an d'Liewe geruff. E Service fir Elteren, deen hinne konkret Informatiounen, Rotschléi an Ënnerstëtzen ubitt bei der Erzéiung, vun der Schwangerschaft bis zum jonken Erwuessenen. Mam Schafe vun den Elterefore komme mer enger grousser Demande no, wéi de Claude Meisch op der Pressekonferenz ënnerstrach huet:

„An enger Welt, déi ëmmer méi komplex gëtt, sinn d'Elteren oft op sech aleng gestallt, wann et em Erzéiungsfroe geet. D'Famill ass a bleift awer déi entscheidend Plaz, wann et ëm d'Wuelbefannen an d'Entwécklung vun de Kanner a Jonke geet. Dofir mussen mir d'Elteren an d'Verantwortung huelen a si dobäi ënnerstëtzen, fir hirer Roll als Eltere kënnen gerecht ze ginn.“

Eltereforen: Eng Plaz fir stark Elteren. Eng Plaz, fir sech ze begéinen.

Mat dem Service vun den Elterefore schafe mer Plazen, wou d'Eltere sech kënnen begéinen, genee wéi Plattformen an Outilen, fir d'Elteren ze stäerken. An hirer Missioun, d'Elteren ze begleeden, konzentréieren sech d'Eltereforen op dräi grouss Achsen:

- qualitativ héichwärtig Informatiounen, déi groussflächeg verdeelt ginn an einfach accessibel si fir d'Elteren;
- een Erfahrungsaustausch tëscht den Elteren ënner sech an een Echange tëscht den Elteren an de Professionellen iwwert déi wëssenschaftlech Erkenntnisser ronderëm d'Erzéiung;
- eng kompetent Begleedung vun den Elteren an hirem Elteresinn, an dat adaptéiert un hir jeeweileg Liewenssituatiounen.

Uechter d'Land wäerte kontinuéierlech Strukturen an alle Regiounen opgoen.

Doniewent ginn dräi wichteg Outilen ugebueden:

- d'Informatiounsplattform www.eltereforum.lu;
- den Elterebrëif, den d'Elteren all zwee Méint iwwert een anert Thema informéiert, wéi zum Beispill den Ëmgang mat de Medien, dem Liese mat Kanner, Spill a Bewegung, Fräizäitgestaltung asw.;
- den Elteremobil, souzesoen den Eltereforum op Rieder, deen den Elteren an allen Ecken vum Land zur Verfügung steet.

Eltereforen: Eng koordinéiert Offer am ganze Land

Lëtzebuerg ass dat eenzegt Land, dat eng begleedend Offer fir Elteren op nationalem Niveau ënnert der Koordinatioun vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend en place gesat huet.

Bei der Kreatioun an der Weiderentwécklung vun dëser qualitativ héichwärtiger Offer fir d'Elteren an alle Regione schafft de Service Eltereforum enk mat den nationale Partner an Experten an dësem Domän zesammen.